

Un d'Membere vum Aarbechtsgrupp « Justice, Sécurité intérieure »

Mir vun „**eran, eraus ...an elo?**“ wëllen Unhand vun eiser Erfahrung um Terrain der Politik konstruktiv Hëllef fir an den Domainer Justiz a Strofvollzuch sënnvoll Decisiounen ze huelen¹.

Déi zwee nei Gesetzer vum 20. Juli 2018 bréngen ouni Zweiwel eng Rei Verbesserunge fir all ‚Justiciable‘. Trotzdeem géife mir eis bei folgenden 2 Punkten der Kritik vu verschiddene Gremien (CCDH, Médiateur, asw.) uschléissen:

- Exécution des peines : Et ass onverständlech dass an dësem Domaine de Parquet nach ëmmer d'Verantwortung dréit. Mir sinn der Meenung, dass sech, wéi am Ausland, eng onparteilech Institutioun (Haftriichter) soll heirëm këmmere.
- Mineurs am Prisong : d'UNISEC zu Dräibur ass fäerdeg gebaut an dofir dierf kee Mineur méi op Schraasseg gestach ginn!

Zum Thema Gefaangenentransport: et ass net ze verstoe firwat de Minister Braz de Leit vum Terrain net nogelauschert huet – d'Gichtercher kënnen am Beschten aschätzen ob d'Police gebraucht gëtt oder net.

D'Beméiunge fir een effikassen Strofvollzuch an fir eng méi grouss Transparenz vun der Justiz dierfen sech net op des zwee Gesetzer beschränken. Dat neit Gesetz ass sonner Zweiwel ee Schrëtt an déi richteg Richtung, mee et ass awer nach ee wäite Wee ze goen, dofir widderhuele mir hei eis **6 Forderungen**:

① ‚**Formation qualifiante**‘ zu Schraasseg muss erëm méiglech gemaach ginn. Leider huet keng Partei eppes heiriwwer an hirem Walprogramm stoen, trotzdeem ass et fir eng Reinsertioun immens wichteg wann een de Prisong mat engem Diplome kéint verloossen. Mir froen eis wéi den ‚plan d'insertion volontaire‘ sollt ëmgesat ginn, wann ee keen Diplome am Prisong kenn maachen.

② De Projet ‚**Maison de transition**‘ muss ëmgesat ginn. D'LSAP a ‚déi gréng‘ schwätzen sech an hire Walprogrammer heivir aus. Dëse Projet läit fäerdeg um Dësch an d'Caritas waart just nach drop fir en ëmzesetzen. Mir sinn also ganz optimisteschesch, dass déi éischt ‚Maison de transition‘ gläich hier Diere wäert opmaachen.

③ D'‚**Aféierung vum ‚Code de travail**‘ fir all schaffend Persoun am Prisong. Leider steet heiriwwer näischt an engem Walprogramm. D'Persounen am Prisong mussen sozial ofgeséchercht sinn, zemoos wat d'Pensioun betrifft.

④ De ‚projet de loi‘ iwwert de ‚**Conseil suprême de la justice**‘ muss gestëmmt ginn. D'DP hat sech 2013 ganz kloer heivir agesat an d'LSAP a ‚déi gréng‘ hunn et och 2018 an hire Walprogrammer stoen. Mir sinn also ganz optimisteschesch dass dëse ‚projet de loi‘ nach dëst Joer wäert gestëmmt ginn, fir dass d'Transparenz an Zougängelechkeet vun der Justiz erméiglecht gin.

⑤ Mir brauchen endlech déi néideg **Statistiken** iwwert de Strofvollzuch an de Fonctionnement vun der Justiz, sou wéi den deemolegen Justizminister Biltgen dat schonns gefuerdert huet. Eng genee Analyse vun der Justiz a vum Strofvollzuch scheitert hei zu Lëtzebuerg ëmmer drun, dass een net genuch Donnée'en driwwer huet. Déi nächst Regierung muss dofir suergen, dass déi néideg Statistiken endlech opgestallt a publizéiert ginn.

⑥ Ee Patron dierf **keen Zougang** méi hunn **zum Casier judiciaire** – ausser a ganz begrenzten Ausnahmefäll. Déi nächst Regierung muss des grouss Brems vun der Reinsertioun ofschafen.

Des Punkte sinn an deene meeschten europäesche Länner schonns säit geraumer Zäit ëmgesat. Natierlech géife mir et begréissee, wann eng lénks-liberal Regierung méi wäit géif goen an all hir positiv Punkten aus de Walprogrammer géif ëmsetzen.

eran, eraus ... an elo?

¹ Mir haten Ufanks Oktober eng Bestandsopnam an eng Analyse vun de Walprogrammer an den Domainer «Justiz a Strofvollzuch» gemaach. Mir schécken Iech an enger zweeter Mail dest Dokument zou.